Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht an d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi et eis zougedroe gouf, huet d'CFL rezent eng Rei Plaze fir Kontrolleren ausgeschriwwen. Bei de Sproochkenntnesser gouf just d'Beherrsche vum Franséischen d'office als Krittär zeréckbehalen. Lëtzebuergeschkenntnisser musse réischt ee Joer nom Start vum Aarbechtskontrakt nogewise ginn, Däitsch genausou wéi d'Weltsprooch Englesch gi just als Atout gehandelt.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi war déi Decisioun begrënnt, Franséisch als eng vun dräi Amtssproochen hei vis-à-vis vun eiser Nationalsprooch, dem Lëtzebuergeschen, déi och esou am Artikel véier vun där neier Verfassung definéiert gëtt, ze prioriséieren? Ass dës Praxis och an anere Beräicher vun der CFL üblech?
2) Wéi ass déi Decisioun begrënnt, datt Däitsch als eng vun eisen dräi administrative Sproochen guer net méi nogewise gi muss, an dat obwuel mir e staarke grenziwwerschreidenden Eisebunnsverkéier mat Däitschland ënnerhalen?
3) Gesäit d'Regierung an deem aktuell Profil net eng Benodeelegung vun deene Membere vum CFLs-Personal déi fir hir Astellung nach Kenntnis an eisen dräi administrative Sproochen hu missen noweisen? Falls net, firwat net?
4) Wéi erkläert d'Regierung, datt et offenbar sou schwéier ass, Leit mat entspriechende Sproochekenntnisser ze rekrutéieren?
5) Aktuell si ronn 18.000 Leit zu Lëtzebuerg aarbechtslos gemellt. Gouf am Kader vun där genannter Ausschreiwung och geziilt bei der ADEM intervenéiert, fir d'CFL als Employeur ze promouvéieren a Leit ze rekrutéieren, respektiv ëmzeschoulen, déi hir Diplomer zu Lëtzebuerg gemaach hunn an iwwer gutt Kenntnesser an eisen dräi administrative Sprooche verfügen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten